n° 2514

REÇU
Par Alff Christian , 16:47, 09/07/2020

Monsieur Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 9. Juli 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d`Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Laut Informatiounen aus dem Aktivitéitsrapport vum Planning Familial hunn sech d'lescht Joer beim Planning 90 Persoune gemellt wéinst sexuellem Mëssbrauch, 85 ware Fraen oder Meedercher. Nëmme 14% hunn eng Plainte gemaach. 50% vun den Affer goufen awer scho mëssbraucht éier se 10 Joer al waren, bal 99% hate manner wéi 18 Joer.

Den Delai de prescription vun 10 Joer, déi een Zäit huet, fir viru Geriicht ze goen, leeft un ab dem 18. Liewensjoer vum Affer. Laut Planning Familial wier desen Delai awer vill ze vill kuerz.

An dësem Kontext well ech folgend Froen stellen:

- Wei vill Affer (souwuel Groussjäreg wi Mannerjäreg) vu sexuellem Mëssbrauch hu sech d´läscht Joer bei den eenzelen Ulaafplaazen hei am Land gemellt? Huet d' Madamm Ministesch do konkret Chifferen?

- Laut Aussoe vum Koalitiounsvertrag 2018-2023 solle verschidden delai de prescription analyseiert a ré-évalueiert gin ; « *L'ensemble des délais de prescription devront être évalués et redéfinis dans un cadre cohérent. L'opportunité de supprimer certains délais de prescription sera étudiée dans ce contexte. Il sera introduit une procédure d'information à l'attention des victimes et/ou auteurs d'une infraction en cas de prescription de l'affaire les concernant.* »

  Ass des Analyse schonn ofgeschloss? Wa jo, wei eng Konklusiounen a Mesuren si virgesinn?

- Soll et Ännerunge gi beim delai de prescriptioun am Fall vu sexuellem Mëssbrauch vu Mannerjäregen ? Wa jo, wei eng?

- Wéi eng Sensibilsatiounsaarbecht gett um Terrain geleescht dat mei Affer Plainte geint den Täter maachen?

Mat déiwem Respekt,

Nancy Arendt

Deputeierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 juillet 2020

Objet : Question parlementaire n° 2514 du 09.07.2020 de Madame la Députée Nancy Arendt épouse Kemp - Abus sexuels

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés